COOPERATIONS asbl sicht

een Direkter (m/f)

40 St/Woch – CDI – CCT-SAS

COOPERATIONS Asbl ass e soziokulturelle Betrib mat engem grousse Spektrum un Aktivitéite mam Schwéierpunkt op der Kultur an der sozialer Participatioun.

Mir geréieren ënner anerem

- eng Wunnstruktur a Fräitzäitaktivitéite fir Léit mat engem Handicap,
- de Jugendbureau,
- de Kulturzentrum an de Kino Prabbeli,
- de Festival de Wiltz an
- de Jardin de Wiltz.

Missiounen:

- Dir entwéckelt an assuréiert d'Ëmsetzung vun neie Strategien;
- Dir assuréiert ee gutt Fonctionnement vun den ënnerschiddleche Servicer a fuerdert den Teamgeescht an d'Participatioun;
- Dir assuréiert eng stabel an effizient Laangzäitplanung vum Personal an de Finanzen;
- Dir ënnerstëtzt d'Weiderentwécklung vun de bestoende Servicer/Beräicher an d'Schafung vun innovative Projeten;
- Dir schafft enk mam Conseil d'Administration zesummen.

Profil:

- Dir hutt op mannst 5 Joer Beruffserfarung an enger änlecher Funktioun;
- Dir hutt gutt Kompetenzen an der Organisatioun a wësst, Budgeten auszeschaffen a Finanzen ze geréieren;
- Dir hutt Interessen a sicht eng Erausfuerderung, d'Beräicher Kultur, Soziales a non-formal Bildung op kommunalem wéi regionalem Niveau weiderzëentwéckelen;
- Dir hutt Kompetenzen an der multidisiplinärer Personalféierung;
- Dir hutt gutt Kommunikatiounsfäegkeeten a wësst, Verhandlungen ze féiere mat eise Partner a Kostenträger;
- Dir hutt gutt Kenntnisser a Sprooch a Schrëft am Lëtzebuergeschen, Franséischen, Däitschen an Engleschen.

Schéckt w.e.g. Är Kandidatur mat CV bis den 30. Oktober 2020 un:

Cooperations asbl, Präsidentin Claudine Schank, 8 Gruberbeerig L-9538 Wiltz

Am Kader vun der Rekrutementsprozedur besteet d'Méiglechkeet, datt mir de Casier Judiciaire froen.